

Lëtzebuerg, den 30. November 2022

De Staat spuert knapp 500 Vollzäitposten am Secondaire

Ronn 370.000 Iwwerstonne pro Schouljoer !

Eleng am Enseignement secondaire goufe wärend dem Schouljoer 2021/22 pro Woch an der Moyenne 10.218 Iwwerstonne gelescht, dat si ronn **370.000 Iwwerstonnen** iwwert dat gesamt Schouljoer ! Dëst entsprécht knapp **500 Vollzäitposten**, déi net konnten, oder net wollte besat ginn.

Och an deene Schouljore virdu waren et laut offiziellen Zuele vum MENJE net vill manner Iwwerstonnen:

	2017/2018	2018/2019	2019/2020	2020/2021	2021/2022
Moyenne un Iwwerstonne pro Woch am ES	7.113	8.110	10.196	9.720	10.218

Ganz vill Enseignanten hunn also eng **däitlech méi héich reell Tâche** ewéi déi regulär Tâche, fir déi si agestellt sinn. Dës „Iwwertâche“, déi d'Enseignantë heefeg vum éischte bis zum leschte Schouldag leeschte mussen, ass haaptsächlech der **chronescher Penurie un Enseignantë** geschëlt. Net seele kënn et esouguer vir, dass Enseignanten, déi am Virfeld vum Minister e Service à temps partiel accordéiert kruten, trotzdeem zu Iwwerstonnen – déi iwwert den nächsten Degré de Tâche erausginn – verflucht ginn!

Dass eng héich Unzuel un Iwwerstonnen och een **negativen Impact op déi mental a kierperlech Gesondheet** vu villen Enseignanten huet, weist sech Dag fir Dag an eise Schoulen.

D'Enseignantë kënnen hir geleschten Iwwerstonnen entweder op hirem Zäitspuerkont (CET) uspueren oder sech eng Indemnitéit dofir ausbezuele loosse.

Beim Zäitspuerkont gëllt de Prinzip "1 Stonn = 1 Stonn", wat bedeit, dass een Enseignant, dee wärend engem ganze Schouljoer all Woch eng Iwwerstonn leescht, d'Méiglechkeet huet, fir spéiderhi wärend engem ganze Schouljoer all Woch eng Schoulstonn manner a senger Tâche ze hunn, dat ouni negativen Impact op seng Pai, och net wärend de Schoulvakanzen.

Bei der Berechnung vun der Indemnitéit fir eng Iwwerstonn gëtt dogéint e **reduzéierende Facteur vu 36/52** applizéiert. Dëse Facteur – dee während der Stolkris Ufank den 1980er Joren als Spuermoosnam agefouert gouf – huet als Effekt, alleguer d'Schoulvakanzan erauszerechnen a bewierkt domat, dass de **Bruttoloun fir eng Iwwerstonn ongeféier 30 % méi niddreg ass ewéi fir eng regulär Schoulstonn**.

Well et am Prinzip vill méi interessant ass, déi geleschten Iwwerstonnen op den Zäitspuerkont ze setzen, wéi sech eng net lukrativ Indemnitéit dofir ausbezuelen ze loossen, entscheeden sech ganz vill Enseignantinnen dofir, hir geleschten Iwwerstonnen op de CET anzebezuelen, mat der Iddi, dës zu engem spéideren Zäitpunkt ënner Form vu Congé CET zrëckzekeréien.

Wann awer an deene kommende Jore ganz vill Enseignantinnen mateneen eng Demande stellen, fir hir ugespuerten Iwwerstonnen als Congé CET zrëckzekeréien – natierlech nëmme wann hiren Direkter domat averstanen ass – da féiert dat zu enger **weiderer Verschäerfung vun der Penurie**, also engem weideren Ustig un ze leeschtenden Iwwerstonnen. **Hei bäisst sech d'Kaz an de Schwanz !**

Fir dësem Problem rigouréis entgéintzewierken, stellt d'FÉDUSE/Enseignement-CGFP déi folgend **zwou Fuerderungen** :

- **De Beruff vum Enseignant muss mat alle Mëttelen an an allen Hिसichten erëm méi attraktiv gemaach ginn !** Nëmme duerch e qualitativ héichwäerteg Rekrutement – prioritär ënner dem Statut vum Fonctionnaire – kann déi chronesch Penurie progressiv ofgebaut ginn.
- **Iwwerstonne mussen op mannst d'selwecht bezuelt gi wéi regulär Schoulstonnen !** Dofir muss de **Facteur 36/52** an der Formel zur Berechnung vun der Indemnitéit fir **d'Iwwerstonne gestrach ginn !** Nëmme dann ass d'Ausbezele vun den Iwwerstonnen erëm eng valabel Alternativ zum Uspueren um CET an dat wäert dozou bäidroen, dass d'Penurie an Zukunft net nach weider verschäerft gëtt.

De Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP